



Luxembourg, le 21 septembre 2015

CHAMBRE DES DÉPUTÉS

Entrée le:

23 SEP. 2015

Réf. : 80fx992fd

Le Ministre aux Relations avec le Parlement SERVICE CENTRAL DE LEGISLATION	
Reg.:	SCL:
Entré le:	23 SEP. 2015
CE:	CHD:
A traiter par.	
Copie à:	

La Ministre de la Culture

à

Monsieur le Ministre aux Relations
avec le Parlement

Objet : Réponse à la question parlementaire no 1424 du 8 septembre 2015 de Monsieur le
Député Fernand Kartheiser

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer en annexe la réponse à la question parlementaire no 1424 de Monsieur le Député Fernand Kartheiser au sujet de la publicité pour une pièce de théâtre, avec prière de bien vouloir la continuer à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Maggy NAGEL
Ministre de la Culture

Äntwert vun der Kulturministerin op d'parlamentaresch Fro N° 1424 vum 8. September 2015 vum Här Deputéierte Fernand Kartheiser.

„Lëtzebuerg, du hannerhåltegt Stéck Schäiss“ ass den Titel vun engem Theaterstéck vum Studentekollektiv Richtung22. Dëse Kollektiv huet elo scho fir d'zweet e Subside ugefrot, fir iwwert de Summer eng Theaterproduktioun kënnen ze realiséieren. Zum Zäitpunkt vun der Demande stoung den Numm vum Stéck nach net fest, wat och keng Konditioun ass fir den Accord vun engem Subside am Theaterberäich. De Kulturministère huet Richtung22 fir d'Schreiwen, d'Prouwen an d'Opféierunge vun dësem Stéck e Subside an Héicht vun 2.000 Euro accordéiert.

De Kollektiv Richtung22 ass bekannt fir seng direkt a gesellschaftskritesch Aart a Weis. Ganz am Respekt vum Grondrecht vun der „Liberté d'expression“ ass et mer als Kulturministerin wichtig, datt eng Gesellschaft och de Spigel virun d'Nues gehale kritt. Och wann d'Regierung hannert dem Konzept vum „Nation Branding“ steet, sou muss een zouloossen, datt sech och mat deem Konzept kritesch auserneegesat gëtt.

Wat d'Benotze vum Logo ugeet, kann ech dem honorabelen Deputéierte matdeelen, datt et sech heibäi net ëm en Abus, mä eng Obligatioun handelt. All kulturelle Partner, dee finanziell vum Ministère ënnerstëtzt gëtt, engagéiert sech, de Logo vum Kulturministère fir seng Publikatiounen ze benotzen.

Et ass mer nach en Uleies ze ënnersträichen, datt, am Kader vum Kulturministère senger Subsidepolitik, all kulturell Associatioun d'Méiglechkeet huet, en Dossier mat engem Projet eranzereechen an eng Ufro fir finanziell Hëllef ze maachen. D'Dossieren déi erakommen, ginn unhand vu Kritären ewéi artistesch Qualitéit, Innovatioun, Budgetsopstellung, Zilpublikum, Unerkennung an Impakt evaluéiert. Et ass mir hei besonnesch wichtig, jonke kreative Leit d'Méiglechkeet ze ginn, hir Projete ganz fräi ze realiséieren an hiert kreatiiv Potential ze entwéckelen.